REGISTRE AUX DELIBERATIONS DU CONSEIL COMMUNAL
REUNION DU 28 NOVEMBRE 2014

Date de la convocation: 21/11/2014	Date de l'annonce publique: 21/11/2014

Présents	**Gilles Roth, bourgmestre et président** **Roger Negri et Luc Feller, échevins** **Edmée Besch-Glangé, Jean Beissel, Jean Bissen, Nancy Brosius, Ed Buchette, Romain Rosenfeld, Marcel Schmit et Jemp Weydert, conseillers** **Guy Glesener, secrétaire communal**
Absent(s)	**Jean-Marie Kerschenmeyer et Roland Trausch, conseillers – excusés**
Vote public	**Romain Rosenfeld**

Ordre du jour

1. Finances communales :
   a) présentation du compte de gestion et du compte administratif de l'exercice 2013 ;
   b) présentation du budget rectifié 2014 et du budget initial de 2015;
   c) approbation de titres de recette.
2. Aménagement communal et développement urbain - loi modifiée du 19/07/2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain:
   a) lotissement d'un terrain sis à Mamer, 3 route de Kehlen en deux lots (article 29) ;
   b) lotissement d'un terrain sis à Mamer, 16 rue des Jardins en trois lots (article 29) ;
   c) lotissement d'un terrain sis à Holzem, 35 route de Capellen en trois lots (article 29).
3. Transactions immobilières :
   a) approbation d'un acte de vente avec les consorts Turbang dans l'intérêt du redressement de la route de Holzem (CR 101) à Mamer ;
   b) approbation d'un acte de vente avec les consorts Kayl dans l'intérêt de l'aménagement d'un chemin rural au lieu-dit « Bei der Dirwies » à Mamer.
4. Allocation d'un subside exceptionnel de 250,00 € à l'a.s.b.l. Île aux clowns à titre de contribution communale au don fait par le Syndicat d'Initiative et de Tourisme dans le cadre du Hobbymaart.
5. Service d'Incendie et de Sauvetage de la commune de Mamer :
   a) allocation d'un subside exceptionnel de 14.798,09 € au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer en vue de l'indemnisation des heures de permanence et de garde prestées en 2013 ;
   b) allocation d'un subside de 2.400,00 € au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer pour l'indemnisation du chef de corps en 2014 ;
   c) allocation d'un subside de 3.840,00 € au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer pour l'indemnisation des 2 chefs de corps adjoints en 2014.
6. Antenne collective de télévision :
   a) approbation d'un avenant à la convention du 03/05/1978 avec Eltrona Interdiffusion s.a. ;
   b) adaptation du tarif mensuel à 16,39 €/mois à partir du 01/01/2015.
7. Classes neige à Combloux :
   a) fixation de la participation des parents à 355,00 € ;
   b) fixation de l'indemnité du personnel enseignant à 18,00 € par journée de séjour.

Point de l'ordre du jour 1-a	Finances communales - présentation du compte de gestion et du compte administratif de l'exercice 2013

Le conseil communal,

entend Monsieur le bourgmestre présenter le compte de gestion et le compte administratif de l'exercice 2014.

COMPTE ADMINISTRATIF 2013

et

COMPTE DE GESTION 2013

présentés le 28 novembre 2014 par

M. Gilles ROTH
Bourgmestre

Aus dësem Tableau gesinn mir datt d'Joer 2013 mat engem Mali definitiv vun 4.516.048,17 € ofgeschloss huet. Zitt een awer hei den Defizit vum Joer 2012 emol of, dee sech op 7.074.988,63 € beleeft, da gesäit een dat mer am Joer 2013 awer alles an allem en Iwwerschoss vun 2.558.940,46 € gemat hunn.

III) Compte ordinaire 2013

Den Total vun den uerdentlech Einnamen beleeft sech am Joer 2013 op 28.920.192,33 €.
Déi uerdentlech Dépensen louchen am Joer 2013 bei 22.103.313,07 €.

Tableau 2

Excercice	2006 compte	2007 compte	2008 compte	2009 compte	2010 compte	2011 compte	2012 compte	2013 compte
Report d'exercice	1 393 561,50	1 615 442,40	-1 369 865,85	-4 269 925,86	-5 859 453,10	-6 179 001,93	-8 258 105,37	-7.074.988,63
Recettes ordinaires	19 057 611,78	21 306 739,61	22 468 284,22	20 778 772,74	24 085 523,54	25 958 622,18	27 362 842,02	28.920.192,33
Dépenses ordinaires	12 604 033,36	13 620 148,80	16 121 228,23	16 421 308,73	17 506 193 57	20 369 034,97	22 564 890,06	22.103.313,07
Recettes extraordinaires	8 762 917,16	9 268 112,85	7 940 440,06	7 780 353,12	13 041 184,89	11 213 865,62	5 909 209,17	7.871.260,40
Dépenses extraordinaires	14 994 614,68	19 940 012,11	17 187 555,86	13 727 344,57	19 940 063,69	18 882 556,27	9 524 026,39	12.129.199,20
Report d'exercice	1 615 442,40	-1 369 865,85	-4 269 925,86	-5 859 453,10	-6 179 001,93	-8 258 105,37	-7 074 988,63	-4.516.048,17
Impôt commercial	7 717 870,27	9 029 133,23	8 877 259,24	7 381 889,95	8 061 998,19	8 827 221,59	7 481 230,26	8.650.253,84
Dotation de l'Etat	7 015 580,24	7 758 728,80	8 511 746,54	8 416 256,62	9 347 704,08	9 850 699,62	10 695 050,49	11.712.804,04
Emprunt: intérêts	277 611,06	616 723,32	879 502,51	275 609,77	183 389,25	378 362,94	263 498,47	97.100,52
Emprunt: amortissements	357 765,67	431 288,91	666 726,63	912 381,76	1 282 935,89	1 461 081,61	1 711 429,34	1.885.026,71
Dettes à long terme								
BGLL (1993-2013)	785 987,22	687 739,22	589 491,22	491 243,22	392 995,22	294 747,22	196 499,22	98 251,22
BCEE (2005-2025)	3 806 507,24	3 701 930,57	3 536 450,64	3 350 429,38	3 149 487 ,51	2 955 492,79	2 750 886,32	2 537 971,75
BCEE (2006-2026)	3 890 570,47	3 788 108,03	3 626 131,34	3 441 661,25	3 242 039,92	3 049 724,74	2 846 443,76	2 634 510,88
CCRA (2007-2027)		7 939 825,93	7 694 408,36	7 339 118,84	6 950 380,85	6 577 647,60	6 183 139,22	5 769 958,50
BCEE (2007-2027)		2 000 000,00	1 939 892,45	1 851 530,06	1 755 211,11	1 662 927,93	1 564 856,83	1 462 111,52
CCRA (2009-2029)				2 004 695,91	3 816 132,87	3 640 995,25	3 454 030,12	3 256 629,30
BCEE (2010-2030)						979 378,47	936 462,82	842 444,18
BCEE (2010-2030)						1 957 875,71	1 872 052,85	1 684 103,33
BCEE (2010-2030)							3 779 797,53	3 399 280,67
BCEE (2011-2031)							2 964 549,15	2 682 190,39
BCEE (2012-2032)								1 358 673,49
BCEE (2012-2032)								1 948 646,75
BCEE (2013-2032)								2 963 258,33
Total à rembourser		8 483 064,93	18 117 603,75	17 386 374,01	18 478 678,66	19 094 014,15	27 734 397,88	30 638 030,31

agerechent ass. Déi deementspriechend Ausgaben stinn awer am Extraordinaire, fanne sech also hei nët erëm.

- D'Rubrik Enseignement huet mat insgesamt 4.426.313,27 € zu Buch geschloen. U Recetten hu mir 578.757,94 € kritt. D'Gemeng huet hei also Nettokäschten vun insgesamt 3.847.555,33 €.

IV) Compte extraordinaire 2013

Ech kommen elo zu den aussergewéinlechen Recetten an Dépensen. Am Tableau gesäit een eng Géintiwwerstellen vun dem Ofschlosskont 2013 an dem Budget initial respektiv dem Budget rectifié vun dem Exercice 2013.

	Budget init. 13	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	14 957 604,43	7 641 010,00	7 871 260,40	- 47.38%
Dépenses extraordinaires	11 160 287.25	13 556 318,48	12 129 199,20	8,68%
Boni /Mali extraordinaire	3 797 317,18	-5 915 308,48	-4 257 938,80	- 212,13%

Am Tableau 5 a 6 (Annexe) ass eng detailléiert Oplëschtung vun den Einnamen respektiv den Ausgaben.

Am Joer 2013 sinn 12.129.199,20 € investéiert ginn.

Den ausseruerdentlechen Ausgaben stinn extraordinär Recetten vun 7.871.260,40 € entgéint.

Déi wichtegst heivu sinn:

- 5.000.000,00 € Emprunt
- 257.170,25 € un Infrastruktur Taxen
- 857.790,00 € Subsid fir den Pacte Logement,
- 199.255,00 € Subsid fir de Kinneksbond,
- 448.192,00 € Subsid fir den Ausbau vu Précoce an MRE um Kinneksbond

Ze notéieren bleiwt, dat de Subsid fir de pacte logement sech an der Rubrik Autres logements et équipements collectifs op der Ausgaben- an Recettensäit neutraliséiert. Well d'Gemeng dëse Subsid geholl huet fir den Campus Kinneksbond ze finanzéieren, ginn se deemno an der Rubrik Enseignement op der Recettensäit definitiv verbucht.

Dëse Recetten stinn Ausgaben vun 12.129.199,20 € géigeniwwer sou dat de Mali extraordinaire vun 2013 sech op 4.257.938,80 € beleeft.

Tableau comparatif entre: - budget initial 2013/budget rectifié 2013/compte 2013

TABLEAU 4

	Budget init. 13	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. en %
Recettes ordinaires	29'064'956.99	28'548'969.54	28'920'192.33	-0.49807285%
Dépenses ordinaires	23'061'393.37	21'391'550.42	22'103'313.07	-4.15447707%
Boni ordinaire	6'003'563.62	7'157'419.12	6'816'879.26	13.54721448%

		Dépenses ordinaires				Recettes ordinaires			
Ch.	Libellé	Budget 2013	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. 2013 en %	Budget 2013	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. 2013 en %
0	Codes techniques	0.00	0.00	**994'042.39**		0.00	734'012.59	**734'012.59**	
1	Services généraux des administrations publiques	6'157'380.46	5'893'326.26	**6'050'421.21**	-1.73709016%	21'431'075.99	21'707'242.40	**21'742'044.00**	1.45101445%
2	Protection sociale	2'664'772.38	1'173'023.13	**1'118'584.47**	-58.02326389%	1'637'250.00	129'000.00	**116'222.60**	-92.90135288%
3	Ordre et sécurité publics	572'036.80	560'045.13	**525'202.75**	-8.18724425%	78'900.00	72'900.00	**71'110.09**	-9.87314322%
4	Affaires économiques	924'163.25	865'239.92	**832'610.20**	-9.90658847%	190'775.00	153'358.47	**192'084.64**	0.68648408%
5	Protection de l'environnement	2'315'338.75	2'428'803.72	**2'356'538.31**	1.77941824%	2'755'000.00	2'506'500.00	**2'662'019.47**	-3.37497387%
6	Logements et équipements publics	3'160'301.07	3'261'496.07	**3'166'005.34**	0.18049768%	1'884'872.00	1'738'112.00	**1'750'334.57**	-7.13774888%
7	Santé	17'000.00	17'500.00	**14'937.33**	-12.13335294%	322'724.00	323'600.41	**320'449.05**	-0.70492123%
8	Loisirs, culture et culte	2'659'848.00	2'077'284.53	**2'618'657.80**	-1.54859225%	709'185.00	692'846.00	**753'157.38**	6.20041033%
9	Enseignement	4'590'552.66	4'514'831.66	**4'426'313.27**	-3.57776944%	55'175.00	491'397.67	**578'757.94**	948.94959674%
	TOTAL	**23'061'393.37**	**21'391'550.42**	**22'103'313.07**	**-4.15447707%**	**29'064'956.99**	**28'548'969.54**	**28'920'192.33**	**-0.49807285%**

TABLEAU 5 RECETTES EXTRAORDINAIRES

Tableau comparatif entre: budget initial/rectifié/compte 2013: budget extraordinaire

	Budget Init. 13	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	14'957'604.43	7'641'010.00	7'871'260.40	-47.37619626%
Dépenses extraordinaires	11'160'287.25	13'556'318.48	12'129'199.20	8.68178326%
Boni /Mali extraordinaire	3'797'317.18	-5'915'308.48	-4'257'938.80	-212.13018555%

	Extraordinär Einnahmen			
Artikel	Budget Init. 13	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. 2013 en %
SERVICES GENERAUX DES ADMINISTRATIONS PUBLIQUES				
1/180/194000/99001 Emprunt	2'000'000.00	5'000'000.00	5'000'000.00	150.00000000%
PROTECTION SOCIALE				
1/250/161000/08001G Subside fir de Bau vum Jugendhaus	39'239.43	0.00	0.00	
ORDRE ET SECURITE PUBLICS				
1/320/161000/05001G Subside fir de Bau vum Pompjeesbau	10'000.00	0.00	0.00	-100.00000000%
1/320/163000/13002G Subside fir de Kaaf vum Camion MZF Allrad	0.00	0.00	75'000.00	
AFFAIRES ECONOMIQUES				
1/410/161000/99001G Subside Astandsetzung vun de Feldweer	35'000.00	35'000.00	0.00	
1/490/169280/99001 Infrastrukturtaxe fir de Commerce	3'700'950.00	350'000.00	257'170.25	-93.05123684%
PROTECTION DE L'ENVIRONNEMENT				
1/520169100/99001P Uschlosstax Kanal	90'000.00	70'000.00	64'875.73	-27.91585556%
1/520/169280/14004 Subside am Kader vum Klimapakt	0.00	10'000.00	10'000.00	
1/550/169280/13001 Subside Etude "Welleschbaach" zu Holzem	16'000.00	0.00	0.00	
1/611/169280/99001 Infrastrukturtaxe Logement	200'000.00	30'000.00	24'325.00	-87.83750000%
1/611/281000/99001 TVA Portierswunnecht Kinneksbond	40'000.00	0.00	0.00	
1/611/283100/99001 Zreckbezuele vu Primen durch d'Stéidt	2'000.00	2'000.00	1'748.40	-12.58000000%
1/624/169280/99001 Bedeelegung CREOS un Infrastrukturaarbechten	5'000.00	0.00	0.00	
1/630/169100/99002G Bedeelegung Staat u Waasserleitung LJB	200'000.00	0.00	0.00	
1/630/169100/99001P Uschlosstaxe Waasserleitung	40'000.00	40'000.00	27'192.67	-32.01832500%
1/630/282000/99001 Remboursement TVA	25'000.00	25'000.00	30'930.86	23.72344000%
1/650/261100/99001 Verkaaf vun Terrain'en	2'000'000.00	0.00	15'300.00	-99.23500000%
1/690/168000/99001G Staatleche Subsid - Pacte Logement	912'127.50	939'127.50	857'790.00	-5.95722637%
SANTE				
1/734/282000/96001 Remboursement TVA Cipa	100'000.00	0.00	0.00	
11/822/161000/08001G Subside Astandsetzen vun der Sportshaal	0.00	0.00	0.00	
1/840/169100/99001 Bedeelegung Uschléss un d'Kollektivantenne	1'500.00	1'500.00	1'690.49	12.69933333%
ENSEIGNEMENT				
1/910/161000/02001G Subside fir de Kinneksbond	359'750.00	199'255.00	199'255.00	-44.61292564%
1/910/161000/08001G Subside fir Campus Capellen	3'798'910.00	0.00	448'192.00	-88.20208955%
1/910/161000/13001G Subside Ausbau Précoce an MRE Kinneksbond	470'000.00	0.00	0.00	
1/910/292300/99001 Reprise Gelder vum Pacte Logement	912'127.50	939'127.50	857'790.00	-5.95722637%
TOTAL	**14'957'604.43**	7'641'010.00	**7'871'260.40**	-47.37619626%

TABLEAU 6 DEPENSES EXTRAORDINAIRES

Tableau comparatif entre: budget initial/rectifié/compte 2013: budget extraordinaire

	Budget init. 13	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	14'957'604.43	23'471'010.00	7'871'260.40	-47.37619626%
Dépenses extraordinaires	11'160'287.25	13'556'318.48	12'129'199.20	8.68178326%
Boni /Mali extraordinaire	3'797'317.18	9'915'308.48	-4'257'938.80	-212.13018555%

	Extraordinär Ausgaben			
Artikel	Budget init. 13	Budget rect. 13	Compte 2013	Différence Compte/B.I. 2013
CODES TECHNIQUES				
4/036/291100/99001 Extraordinaire Restanten	0.00	0.00	135.60	
SERVICES GENERAUX DES ADMINISTRATIONS PUBLIQUES				
4/120/221311//08001 Embau Mamer Schlass	0.00	1'315.60	1'315.60	
4/130/211000/00001 Urbanistekontrakt PAG	100'000.00	196'207.91	112'625.40	12.62540000%
4/130/211000/11001 Photogrametresch Pläng		5'260.25		
4/130/221311//10001 nei bureau'en STC	0.00	131'598.62	100'009.37	
4/130/223210/13009 Nei Gefierer fir den ST	70'000.00	70'000.00	48'548.85	-30.64450000%
PROTECTION SOCIALE				
4/250221312/08002 Equipement vum Jugendhaus	0.00	62'279.91	33'426.85	
4/320/221311/05001 Bau vum CISMA	0.00	186'599.23	59'364.84	
4/320/223220/13001 Kaaf vun enegm Pompjeescamion HLF 10 Allrad	160'000.00	1'755.14	1'755.14	-98.90303750%
4/320/223220/13002 Kaaf vun engem Pompjeescamion MZF Allrad	180'000.00	186'000.00	185'161.50	2.86750000%
AFFAIRES ECONOMIQUES				
4/410/221313/99001 Astandsetzen vun de Feldweer	100'000.00	174'566.95	96'245.89	-3.75411000%
4/441/221313/99001 Kaaf an Erstzen vun Bushalsercher	35'000.00	1'000.00	804.56	-97.70125714%
4/422/238120/99001G Etude fir e Konzept "Transport op Ufroe"	20'000.00	0.00	0.00	-100.00000000%
4/490/222100/13003 Elektronesch Unzeigetafelen	75'000.00	40'000.00	31'454.42	-58.06077333%
PROTECTION DE L'ENVIRONNEMENT				
4/510/238120/99001S Capital fir de SICA	143'425.00	143'424.24	143'424.24	-0.00052989%
4/520/211000/06001 Levée vu Wasser- a Kanalnetz		15'022.57		
4/520/211000/12001 Etude fir den Ausbau vun der Kläranlag - Bedeelegung	20'000.00	0.00		
4/520/222100/08004 Verbesserung vun de Kanalisatiounen an der Gemeng	0.00	100'000.00	92'907.85	
4/520/222100/08005 Reckhaltebecken Gamecher Stross zu Holzem	0.00	40'000.00	660.20	
4/520/222100/10001 Embau vum Deversoir D7 rue du Commerce / rue Kirpach	10'000.00	0.00	0.00	
4/510/238120/99001 S Kapital fir de SIDERO	470'734.75	464'225.02	464'225.02	-1.38288707%
4/532/240000/99001 Bau- an Embauprimen am Kader vum energieeffizienté Bauen	15'000.00	15'000.00	13'318.04	-11.21306667%
4/550/211000/13001 Reckhaltebecken "Welleschbaach" zu Holzem	20'000.00	0.00	0.00	
4/611/240000/99001 Bauprimen	10'000.00	10'000.00	2'231.04	-77.68960000%
4/621/211000/07001 Architekteconcours fir de Réaménagement vum Zentrum vu Mamer	25'000.00	0.00	0.00	
4/623/222100/12005 Opstelle vu Parkaueren	65'000.00	69'115.00	61'970.72	-4.66043077%
4/624/211000/08006 Verkéiersétude	0.00	5'623.54	0.00	
4/624/211000/09003 Verkéiersetude am Parc d'Activités Capellen	20'000.00	35'490.57	5'361.88	-73.19060000%
4/624/221313/05002 Astandsetzen Aareler Strooss Zentrum Capellen	50'000.00	290'000.00	283'756.60	467.51320000%
4/624/221313/10003 Astandsetzen Stroossen Cité Mont-Royal Mamer	10'000.00	160'000.00	127'189.24	1171.89240000%
4/624221313/13001 Astandsetzen vu verschiddenen Strossen am PAC	50'000.00	35'000.00	0.00	
4/624/221313/99001 Astandsetzen voirie vicinale	50'000.00	103'258.24	37'076.76	-25.84648000%
4/625/221200/12006 Aubaggere vum Weiher a Flecken vun de Brecken am Brill	0.00	49'035.24	21'984.09	
4/625/221312/13006 Bau vun engem Pavillon am Brill	150'000.00	15'000.00	12'497.29	-91.66847333%
4/626/221313/08007 Astandsetzen vun de Kierfeger an der Gemeng	0.00	90'000.00	83'307.12	
4/626/221313/08008 Bau vun enger neier Morgue zu Mamer	10'000.00	5'000.00	4'296.75	-57.03250000%
4/627/221311/11004 Embau vum Gemengenatelier	0.00	24'372.60	247.36	
4/630/222100/07002 Astandsetzen Wasserturm Mamer	20'000.00	52'000.00	46'722.73	133.61365000%
4/630/222100/08009 Wasser a Kanal an der Kielener Stross zu Mamer	30'000.00	30'000.00	14'645.35	-51.18216667%
4/630/222100/13007 Installatioun vun elektronesch ofliesbare Wasseraueren	195'000.00	258'000.00	244'208.28	25.23501538%
4/640222100/14017 Ersetzen vun öffentlecher Bellichtung				
4/650/221100/99001 Kaaf vun Terrain'en	0.00	95'458.95	1'474.00	
4/690/291500/99001 Dotatioun op de Reservefong Pacte Logement	912'127.50	939'127.50	857'790.00	-5.95722637%
SANTE				
4/734/221312/96001 Bau vum Centre Intégé zu Mamer	0.00	15'000.00	0.00	
4/740/222100/12001 Ersetze vun der Chaudière am Paschtoueschhaus zu Holzem	10'000.00	0.00	0.00	
LOISIRS CULTURE ET CULTE				
4/810/223280/13008 Ersetze vum Spullweenchen	25'000.00	25'000.00	21'803.93	-12.78428000%
4/822/221311/08010 Astandsetzen vun der Sportshaal Nic Frantz	150'000.00	15'000.00	7'075.86	-95.28276000%
4/850/238120/11005P Subsid un d'Kirchefabrik vun Holzem	0.00	16'742.22	16'742.22	
LOISIRS CULTURE ET CULTE				
4/910/221311/02001 Bau vun de Schoul-, Sport a Kulturinfrastrukturen um Kinneksbond	709'000.00	1'049'000.00	911'767.17	28.59903667%
4/910/221311/08011 Bau vum Schoulcampus op der Cap	6'000'000.00	7'341'578.82	7'341'901.70	22.36502833%
4/910/221311/11006 Aubau vu Précoce a Maison Relais um Kinneksbond	1'250'000.00	750'000.00	639'765.74	-48.81874080%
TOTAL	11'160'287.25	13'556'318.48	12'129'199.20	8.68178326%

Point de l'ordre du jour 1-b	Finances communales - présentation du budget rectifié 2014 et du budget initial de 2015

Dir Häre Schäffen,
Dir Dammen an Dir Häre Gemengeconselljeen,

Et ass nees Budgetszait. Beim Staat, an och bei de Gemengen. Zu Mamer beschäftegen mir eis nët mam Spuerpak vun der Regirung. D'Niewenwierkungen ginn awer nët spurlos laanscht eis.

D'Finanzen vun der Gemeng Mamer stinn ënnert kengem schlechten Stäer. D'Budgets- an Investitiounspolitik vun der CSV/LSAP Majoritéit aus den leschten 15 Joër dréit hir Friichten.

D'Gemeng Mamer huet sech zanter 2000 ganz positiv entwéckelt. Mir sinn eng modern Gemeng. Eis Schoulen, eis Sports-an Kulturinfrastrukturen, eis Stroossen an Wunngebidder sinn an der Reih. Muench een iwwert eis Gemengengrenzen eraus ass doriwwer jalous. Dat kréien mir regelméisseg ze spieren.

An der Politik gëtt ët keen Luef. Dat weess de Mamer Schäfferot. Mee mir lafen och nët mat verbonnenen Aen ronderëm. Mir wëssen wat klappt, an mir sinn eis och bewosst wat mir nach mussen verbesseren.

Mir hun awer d'Impressioun, dass déi ronn 8.700 Leit déi zu Mamer, op der Cap an zu Holzem wunnen, zum groussen Deel, d'Liewensqualitéit bei eis schätzen.

Heiansdo wëllt een vun interesséierter Säit wuel vum Géigendeel iwwerzeegen. Mee fir all déi recommandéiert sech dann emol ee Bléck iwwert d'Gemengegrenz eraus.

All dat wat mir elo an der Gemeng Mamer hun, an wat virun 2000 nët do war, ass eis nët an de Schouss gefall. Loin de là. Een Kinneksbond, eng Caper Schoul, nei Wunngebidder, Reamenagementer vun eisen Stroossen, op der Cap, zu Holzem, an zu Mamer goufen geplangt.

An ouni Suen wier dat nët realiséierbar gewierscht. Dat huet och zu manner populären Decisiounen gefouert. Jo, mir hätten och kënnen soen Mamer bleiwt dat wat ët ass. Baustopp! Keen neien PAG. Dat wat 1984 vun Bautereglement gudd war - geht och nach haut!

Mir hätten och kënnen soen d'Schoul bleiwt am Duerf! Mir setzen déi aal Schoulgebaier zu Mamer an d'Reih, mir erhalen eng Spillschoul an der Rue des Maximins, mir bleiwen sëtzen am Asbest vun der Ecole Jean Marx, mir erhalen d'Quartiersspillschoul an der rue des Roses, mir setzen eng Maison relais an d'Rischenhaus op der Cap, respektiv ënnert den Daach vun dem alen Gerichtsgebai.

Eis Musek an d'Musekschoul bleiwt am Wëllen Bau! Mir brauchen keen Kulturzenter. Mir hun jo de Festsall am Mamer Schlass. Noutfalls den Centre de Loisirs op der Cap.

Jo alles dat waren Proposen an Fuerderungen fir de Schäfferot vum Projet Kinneksbond ofzehalen.

De Kinneksbond, oh mei! Iwwert 1000 Schüler kommen dohinn. Do kennt jo keen méi een. Déi Grouss ginn mat de Messeren op déi Kleng.

Eng Europaschoul. An firwat dann dat: Verkéierproblemer, esouvill Auslänner.... an wat bréngt dat der Gemeng!

Nei Lotissementer! An firween dann? Déi Jonk sollen an déi al Häiser wunnen goen, déi fräi ginn...Et stinn der jo esouvill eidel....

En Chalet fir d'Caper Piwitschen....? Brauchen mir deen? Mir hun dach den Chalet vun den Mamer Wiselen...

Mee ganz éierlech. Wier all dat am Interessi vun der Entwécklung vun eiser Gemeng gewierscht?

Neen - de CSV/ LSAP Schäfferot hat eng Visioun, een Konzept fir eng modern Gemeng - Dat gouf iwwert Joëren konsequent ëmgesat. Wéineg Luef, vill Kritik, zum Deel ënnert de Rimm. Mee virun allem heibannen an op Flugblieder. D'Realitéit dobaussen ass eng aner.

Esouguer ëm den neien PAG ass ët rouheg ginn. Dat ass gudd esou. Eis Matbierger hun gemierkt dass nët alles esou schwarz ass, ewéi ët virun engem Joër vun Eenzelnen gemoolt gouf.

Den Bebauungsplang 2013 erlaabt eng zäitgeméiss Erneierung vun eisen Uertschaften.

Mat engem duerchschnëttlechen Wuestum vun eiser Bevölkerung ëm déi 3% pro Joër leien mir an de Virgaben vun dem Plan sectoriel Logement.

An d'Leit fillen sech wuel hei nët entfriemt. Oder géif soss een 120.000 € den Ar bezuelen goen fir an eiser Gemeng sech néier ze loossen?

Jo, méi Leit bréngen eiser Gemeng och méi Suen. An op dat engem passt oder nët - och duerno mussen politesch Verantwortlech kucken.

Dat mat dem manner – méi, geht nët esou richteg op Gemengenniveau. D'Infrastrukturen kaschten, an deen bestellt muss och bezuelen.

Dass eis Gemeng sech finanziell nawell nët esou schlecht steht beweist den uerdentlechen Iwwerschoss. Fir Enn 2014 op 9,3 Milliounen € geschat. Een absoluten Rekord an der Geschicht vun der Gemeng Mamer. Ronn een Véierel vun eisen lafenden Recetten. Domat leien mir sécher am Spëtzepeloton vun der kommunaler Landschaft am Grand-Duché.

Fir d'Joër 2015 gëtt nach ëmmer mat engem uerdentlechen Boni vun 8,1 Milliounen € gerechent. Ouni zeréckbezuehlen vun der Schold, esouguer ronn 10,5 Milliounen €. An dobäi hunn mir zanter 2000 iwwer 290 Milliounen € investéiert.

Jo d'Differenz vun 2014/2015 huet awer am Wesentlechen mat dem Staat sengem Spuer- pardon Zukunftspak ze dinn. Abee, fir d'Gemeng Mamer bedeit deen Zukunftspak Mindereinnahmen d'nächst Joër vun ronn enger Millioun €. 500.000 € Méihbelaschtung duerch d'Erheihjung vun der TVA, 300.000 € manner Einnahmen iwwert de Wee vun der Dotation de l'Etat well den TVA-Zouwues beim Staat nët un d'Gemengen weidergereecht gëtt, 200.000 € well déi sougenannt Biennalen nët méi vum Staat iwwerholl ginn.

Eis konfortabel Finanzsituatioun erlaabt eis dann och ee weideren Emprunt, wuel deen leschten fir dës Legislaturperiod opzehuelen. Net fir d'Enner zesummen ze bréngen, mais fir eisen Investitiounsprogramm ze realiséieren. Bei engem duerchschnëttlechen Zënssatz vun 0,28% ass dat och keen finanziellen Mutwëll. D'Inflatioun bezilt de facto eis Gemengenschold zeréck.

D'Personalkäschten vun der Gemeng leien bei ronn 33,77% vun den uerdentlechen Ausgaben. Dat ass een niddregen Prozentsaatz am Verglach zu aneren Gemengen.

De Budget 2015 begräift eng Steigerung an eisen uerdentlechen Ausgaben vun 4,96% par rapport zum Budget rectifié.

D'Einnahmen ginn ëm 0,33 % rof vis-à-vis vum Budget rectifié. D'Erklärung heifir ass, datt am rectifié den Restanten-Etat mat 988.051,79 € steet, dat sinn Taxen, déi nach ausstinn an deemno als Recette ugesinn ginn. Rechent een dës Somme raus, steigen eis Recetten ëm 2,85%.

Mir hunn een équilibréierten Budget deen bei iwwert 31,78 Milliounen € uerdentlechen Einnahmen e uerdentlechen Boni vun iwwert 25,69% vun den ordinairen Recetten opweist.

An d'Caper Schoul, dat neit Precocegebai an den Embau vun der Maison Relais zu Mamer wäerten nët manner ewéi 11,225 Milliounen € investéiert ginn. Di 2 Schoulen wäerten fir 2015 fäerdeg ginn.

Um Niveau vun den Emprunten hunn mir de Moment 36,9 Milliounen € Schold.

5 Milliounen € Emprunt stinn am Budget fir 2015.

Well mir 2,3 Milliounen € Amortissement pro Joër zréckbezuelen wäert d'Schold mat dem Emprunt, deen am Budget virgesinn ass, Enn 2015 op 39,5 Milliounen € eropgoen. D'Scholdenlaascht bedréit 7,58% vun eisen uerdentlechen Gemengerecetten. Mir hun de Moment méi Schold ewéi aner Gemengen, mee mir hun och aner Mëttel fir déi zréck ze bezuelen.

Bei engem duerchschnëttlechen Zënssatz vun 0,286% - jo manner ewéi een halwen Prozent- bedréit déi jährlech Zënslaascht bei eiser Gemeng ronn 93.000 € pro Joër. Well den allgemengen Inflatiounstaux méi héich ass, ass eis Gemengeschold reng ekonomesch gesinn keng weider Laascht.

Eis Gemeng an e puer Zuelen déi interesséieren.

- 84 Leit sinn bei der Gemeng ugestallt, 36 Aarbechter, 30 Fonctionnairen, 3 Salariéen am Sekretariat, an 15 Leit an der Cantine an Busopsicht - dës Leit sinn awer nëmmen Stonneweis bei der Gemeng beschäftegt.

- Vun 100 € Recette, ginn 15 € an d'Schoul, 22 € an d'Administratioun, 9 € an d'Kultur, Sport- an Fräizäit, d'Culten, dovunner 2 € an den Centre culturel Kinneksbond, 2 € an déi ëffentlech Uerdnung, 1 € an d'Kirfechter, 4 € an d'Waasser, 5 € an den Kanal, 3 € an d'Müllabfuhr, 4 € an den Ënnerhalt vun den Gréngflächen, 10 € an aner ordinaire Ausgaben an 26 € an eisen Boni, deemno an Investitiounen.

- Den Enseignement kascht d'Gemeng insgesamt 4,90 Milliounen € pro Joer, lafend Käschten. Do kënnt dann nach d'Maison Relais mat netto 774.000 € dobäi. Zesummen mécht dat ronn 5,68 Milliounen €. Dat sinn ongeféier 7.593 € pro Schüler. Dorënner insgesamt 147.750 fir Computeren an Kopiesmaschinnen, 105.500 € Classe en nature an Ausflich, ronn 107.000 € fir Stroum- an Heizkäschten, 137.250 € fir Iwwerwaachung an ronn 365.000 € fir Botzen. Hei ass deem Rechnung gedroen, datt di nei Schoul op der Cap ab September 2015 a Betrieb ass. D'Funktiounskäschten fir den Centre Culturel Kinneksbond belafen sech op ronn 600.000 €.

- Deen Office social kascht d'Gemeng 90.728 €.

- D'Funktiounskäschten vum Jugendhaus belafen sech netto op 90.218 €, de Club Senior kascht d'Gemeng 60.250 €.

Dir Dammen, Dir Hären,

I. Budget rectifié 2014

Éier mir zur méi detailléierter Virstellung vun dem Budget initial fir d' Joer 2015 kommen, muss ech dem Gemengerot opgrond vun dem Artikel 129 aus dem Gemengegesetz Opschloss iwwert den Budget rectifié vun dem lafenden Geschäftsjoër 2014 ginn. Den Budget rectifié 2014 muss deemno och virun dem Budget 2015 gestëmmt ginn.

Déi finanziell Eckdaten fannt Dir am Tableau 1, deen eng Géintiwwerstellung vun dem Budget initial 2014 an dem Budget rectifié fir dat selwecht Joer mécht.

Tableau 1

	(1) Budget initial 2014	(2) Budget rectifié 2014	Variation (2)/(1)

Budget ordinaire			
Recettes	29.575.016,65	31.891.307,79	7,83%
Dépenses	22.060.472,59	22.503.117,37	2,00%
Excédents	7.514.544,06	9.388.190,42	24,93%
Budget extraordinaire			
Recettes	20.904.999,43	12.763.903,44	-38,94%
Dépenses	20.887.987,20	21.831.845,88	4,51%
Excédents	17.012,23	-9.067.942,44	

Budget total			
Recettes	**50.480.016,08**	**44.655.211,23**	**-11,53%**
Dépenses	**42.948.459,79**	**44.334.963,25**	**3,22%**
Excédents	**7.531.556,29**	**320.247,98**	

Am **Budget rectifié 2014** hu mir **uerdentlech Recetten** vun ronn 31,89 Milliounen €. Dës leien ëm 7,83 % méi héich wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2014 ageschat.
Hei verdeelen sech d'Ofweichungen haaptsächlech op folgend Posten:

- Den Restanten-Etat mat 988.051,79 €;
- Di lescht Participatioun vum Stat un den Biennalen muss och op 2014 gebucht ginn; sou datt mir do eng duebel Recette fir dëst Joer hunn;
- Ronn 1,4 Milliounen méi Gewerbesteier;

Déi **uerdentlech Dépensen** belafen sech op 22,50 Milliounen €. Si leien ronn 2,00 % méi héich wéi am Budget initial 2014 ageschat. Gréisser Ofwäichungen am Verglach zu dem Budget initial goufen et virun allem op folgendem Posten:

- Ronn 257.000 € méi Bedeelegung un den Paien vum Léierpersonnal.

Bei den **ausseruerdentlechen Recetten** leien mir mat 12,76 Milliounen € ëm 38,94 % manner héich wéi ursprünglech ageschat. Dëst kënnt awer virun allem doduerch dat verschidden Taxen, déi mer virgesinn haten, net rakommen sinn an versprachen Subsidien nach net vum Staat ausbezuelt ginn sinn. D'Subsidien verlageren sech awer op d'nächst Joer. Ausseruerdentlech Einnahmen kommen ënner anerem op folgenden Posten:

- 8.500.000 € Emprunt;
- 1.626.952,50 € Subside am Kader vum pacte logement;
- 675.000 € un Infrastrukturtaxen.

Ausseruerdentlech Depënsen hunn mir am Joer 2014 fir 21,83 € Milliounen € gemaach. Dat sinn 4,51 % méi wéi ursprünglech geplangt. Hei schloen virun allem zu Buch:

- 415.000 € fir den Kaf vun engem Pompjeescamion;
- 137.232,83 € fir de Kinneksbond;
- 12.249.677,12 € fir den Bau vun enger Schoul mat Maison Relais zu Capellen;
- 5.109.302,76 € fir den Bau vum neien Précoce zu Mamer;
- 50.000 € fir den Ausbau vun der Kichen vun der Maison Relais Mamer;
- 133.582,51 € fir den neien PAG ;
- 100.000,00 € fir d'Astandsetzen vun den Feldweeër;
- 33.916,81 € Apport en capital un den SICA;
- 244.260,00 € Apport en capital SIDERO;
- 75.000,00 € fir den Pacte Climat;
- Ronn 196.681,23 € fir d'Refektioun vun den Gemengestroossen;

- 315.354,65 € fir d'Verleeën vu Waass a Gas an der Kiehlener Strooss zu Mamer;

De Budget rectifié vum Joer 2014 schléisst mat engem Boni vun 320.247,98 € of.
Wann een dann nach de Mali vum Exercice 2013 derbeizielt, dee sech op 4.516.048,17 € beleeft, däerft de Budget rectifié 2014 mat engem présuméierte Mali à reporter vun 4.195.800,19 € ofschléissen.

III. Budget 2015

D'Eckdaten vun dem Budget 2015 fannt Dir am Tableau 2:

Tableau 2

	(1) Budget initial 2014	(2) Budget rectifié 2014	(3) Budget initial 2015	Variation (1)/(3)	Variation (2)/(3)
Budget ordinaire					
Recettes	29.575.016,65	31.891.307,79	31.785.951,87	7,47%	-0,33%
Dépenses	22.060.472,59	22.503.117,37	23.619.303,72	7,06%	4,96%
Excédents	7.514.544,06	9.388.190,42	8.166.648,15	8,67%	-13.01%
Budget extraordinaire					
Recettes	20.904.999,43	12.763.903,44	12.953.867,43	-38,03%	1.48%
Dépenses	20.887.987,20	21.831.845,88	16.412.869,06	-21,42%	-24,82%
Excédents	17.012,23	-9.067.942,44	-3.459.001,63		

Budget total					
Recettes	**50.480.016,08**	**44.655.211,23**	**44.739.819,30**	**-11,37%**	**0.19%**
Dépenses	**42.948.459,79**	**44.334.963,25**	**40.032.172,78**	**-6.79%**	**-9,70%**
Excédents	**7.531.556,29**	**320.247,98**	**4.707.646,52**		
Boni / mali reporté	**-5.832.877,99**	**-4.516.048,17**	**-4.195.800,19**		
Avoir en fin d'année	**1.698.678,30**	**-4.195.800,19**	**511.846,33**		

Déi **uerdentlech Recetten** belafen sech op ronn 31,78 Milliounen €. Si leien 0,33% manner héich wéi am Budget initial 2014.

Tableau 3 – Ventilatioun vun den uerdentlechen Recetten

Chapitre	Libellé	Budget initial 2013	Budget initial 2014	Budget rectifié 2014	Budget initial 2015	Variation initial 2014 initial 2015
0	Codes techniques		0	988.051,79	0	
1	Services généraux des administrations publiques	21.431.075,99	23.237.089,65	24.819.899,23	25.053.067,87	7,81%
2	Protection sociale	1.637.250,00	81.000,00	83.700,00	83.700,00	3,33%
3	Ordre et sécurité publics	78.900,00	82.250,00	112.250,00	112.295,00	36,52%
4	Affaires économiques	190.775,00	193.525,00	159.032,00	198.232,00	2,43%
5	Protection de l'environnement	2.755.000,00	2.770.000,00	2.732.000,00	3.042.000,00	9,81%
6	Logements et équipements collectifs	1.884.872,00	2.079.952,00	1.763.952,00	2.057.079,00	-1,09%

7	Santé	322.724,00	331.500,00	327.500,00	336.000,00	1,35%
8	Loisirs, culture et culte	709.185,00	734.600,00	817.550,00	834.828,00	13,64%
9	Enseignement	55.175,00	65.100,00	87.372,77	68.750,00	5,60%
	TOTAL	**29.064.956,99**	**29.575.016,65**	**31.891.307,79**	**31.785.951,87**	**7,47%**

Fir 2015 hu mir 10,55 Milliounen € Einnahmen un Gewerbesteier an 13,2 Milliounen € Recetten bei der Dotation de l'Etat virgesinn. Dat sinn ronn 74,70 % vun den uerdentlechen Einnahmen vun der Gemeng Mamer.

Déi **uerdentlech Depënsen** belafen sech op ronn 23,61 Milliounen €. Am Verglach zu dem Budget initial vum Joer 2014 leien dës ëm 1.558.831,13 € oder 7,06% méi héich.

D'Recetten klammen méi staark wéi d'Depënsen.

Am Joer 2014 ass d'Scholdelaascht mat 2.226.341,37 € zu Buch geschloen. Am Budget 2015 gëtt de Remboursement (Kapital + Zënsen) vun der Schold dogéint mat ronn 2.411.090,39 € veruschlaagt. D'Scholdelaascht geet am Verglach zu 2014 ëm 184.749,02 € an d'Luucht doduerch, datt mir am Laf vum Joer 2014 4.000.000 € Emprunt geholl hunn an nach 4.500.000 € fir 2014 an 5.000.000 € fir 2015 € virgesinn hunn. Insgesamt mécht den jährlechen Remboursement vun dem Kapital an de Scholdzënsen 7,58% vun den uerdentlechen Einnahmen aus.

Fir 2015 hunn mir viraussiichtlech Lounkäschten vun ronn 7,97 € Milliounen €. Dëst sinn 33,77 % vun eisen uerdentlechen Depënsen. D'Steigerung bei den Lounkäschten fir d'nächst Joer erkläeren sech duerch di 2,2%, déi am Accord salarial virgesinn sinn, souwéi di eemoleg Prime vun 0,9%. D'Lounkäschten verdeelen sech mat 2,88 Milliounen € op d'Gemengenaarbechter, ronn 2,13 Milliounen € op d'Schoulpersonal a Kantine (part communale), ronn 2,95 Milliounen € Gehälter an der Administratioun an am Service technique.

Och fir 2015 wäerten mir weiderhin alles drusetzen fir am Sozial- an Ëmweltberäich, souwéi Schoul- a Fräizäitberäich eise Bierger eng héich Liewensqualitéit unzebidden.

Fir all dëst weiderhin ubidden ze kënnen, mussen mir op der anerer Säit och kucken fir Geld an d'Gemengekees ze kréien. Dobäi gëllt och fir 2015 datt de Schäfferot d'Geld sou effizient wéi méiglech asetzen muss.

Am Tableau 4 gesidd dir wéi déi uerdentlech Depënsen op déi eenzel Rubriken verdeelt sinn.

Tableau 4

Chapitre	Libellé	**Budget initial 2013**	**Budget initial 2014**	**Budget rectifié 2014**	**Budget initial 2015**	**Variation initial 2014 initial 2015**
0	Codes techniques					
1	Services généraux des administrations publiques	6.157.380,46	6.644.988,70	6.572.391,92	6.924.089,63	4,20 %
2	Protection sociale	2.664.772,38	1.181.246,71	1.211.102.89	1.250.568,00	5,86 %
3	Ordre et sécurité publics	572.036,80	571.759,32	597.585,41	617.045,51	7,92 %
4	Affaires économiques	924.163,25	801.650,99	814.733,27	871.199,01	8,67%
5	Protection de l'environnement	2.315.338,75	2.425.567,09	2.519.679,27	2.731.272,36	12,60%
6	Logements et équipements collectifs	3.160.301,07	3.245.236,59	3.314.306,76	3.398.231,75	4,71%

7	Santé	17.000,00	19.500,00	19.500,00	31.500,00	61,53 %
8	Loisirs, culture et culte	2.659.848,00	2.752.388,89	2.773.014,31	2.887.601,06	4,91 %
9	Enseignement	4.590.552,66	4.418.134,30	4.680.803,54	4.907.796,40	11,08%
	TOTAL	**23.061.393,37**	**22.060.472,59**	**22.503.117,37**	**23.619.303,72**	**7,06 %**

An der Rubrik „*Services généraux des administrations publiques"* belafen sech d'Depënsen op viraussiichtlech 6.924.089,63 € fir d'Joer 2015. Dës Rubrik begräift di administratif an technesch Verwaltung, de Gemengerot an d'Commissiounen, souwéi d'Finanzkäschten.

D'Rubrik „Protection sociale" schléit mat 1.250.568,00 € zu Buch. Si begräift den 3. Alter, de repas sur roues, den service „Téléalarme", d'Maison Relais an d'Jugendhaus, den Service RTPH an den Office social. Di staark Variatioun an dëser Rubrik ass op de neien Verrechnungsmodus vun den Käschten vun der Maison Relais zeréckzeféieren.

D'Rubrik „Ordre et sécurité publics" begräift eisen Agent municipal an Garde-champêtre, souwéi d'Servicer vun den Pompiers an der Protection civile. D'Gesamtausgaben belafen sech hei op 617.045,51 €.

D'Rubrik „Affaires économiques" begräifen eis Feldweeër, d'Exploitatioun vun eisen Bëscher, den Tourismus, den Entretien vun den Busarrêtsen an eis Late-Night-Bussen, d'Gemeinschaftsantenne an den ZARO. Se kascht eis 871.199,01 €.

An der Rubrik „Protection de l'environnement" fannen mer eis Offallgestioun an d'Ofwaasser, den Naturschutz duerch den SICONA. Dat Ganzt kascht 2.731.272,36 €.

D'Rubrik „Logements et équipements collectifs" begräift den Entretien vun eisen öffentlechen Plazen an Gréngflächen, den Ënnerhalt vun den Verkéiersschëlder, der Beliichtung, den Stroossen, den gemengeneegene Gebaier an d'Kierfenter. Dorënner fällt awer och eisen Ateliers mat all eisen Gefierer an den Entretien vun deenen. Och d'Waasserversuergung fällt ënnert dës Rubrik. Dëst alles schléit mat 3.398.231,75 € zu Buch.

D'Rubrik „Santé" beinhalt nëmmen den Entretien vun eisem CIPA; deen mat 31.500 € zu Buch schléit.

D'Rubrik „Loisirs, culture et culte" begräift den Entretien an den Fonctionnement vun eisen Sportsterrainen an –Halen, eis Centres culturels, den Scouts Homen, d'Käschten fir d'Museksschoul, Mediathéik an d'Benotzen vun der Schwämm am Lycée Josy Barthel. Donieft falen och nach d'Subsiden fir eis Sports- a Kulturveräiner heidrënner, souwéi d'Käschten vun den offiziellen Feieren vun der Gemeng. Fir all des Aktivitéiten hu mir fir 2014 Ausgaben an Héicht vun 2.887.601,06 €.

An der Rubrik «*Enseignement»* stinn 4.907.796,40 € Dépënsen. Den Gros vun den Dépenses sinn hei d'Participatiounen un den Paien vum Léierpersonal an den Schoultransport. De Rescht sinn Entretiens- a Fonctionnementskäschten vun den Gebaier an pédagogescht Material fir di verschidden Klassen, Schoulausfligg etc.

Recettes extraordinaires. Déi ausseruerdentlech Einnahmen ginn fir d' Joer 2015 op 12.953.867,43 € ageschat. Dës leien deemno ronn 7.951.132,00 € manner héich wéi am Budget initial vum Joer 2014.

Folgend recettes extraordinaires siefen ervirgestrach:

- 928.750 € Infrastrukturtaxen;
- 150.000 € Subside fir den Pompierswon;
- 359.750 € fir den Ausbau vum Kinneksbond;
- 3.170.510 € fir den Bau vum neien Schoulkomplex op der Cap;
- 112.048 € Subsid fir den Bau vun engem neien Précoce um Kinneksbond;
- 1.477.035 € Subsid am Kader vum pacte logement;
- 5.000.000 € Emprunt.

Dépenses extraordinaires. Ausseruerdentlech Depënsen sinn am Joer 2015 am Total fir 16.412.869,06 € virgesinn. Dësen héichen Investitiounsvolumen ass fir folgend Projeten virgesinn:

- 25.000 € fir de Bebauungsplang;
- 130.000 € fir d'Astandsetzen vun den Feldweeer;
- 123.027,49 € Apport en capital fir den SICA;
- 927.226,57 € Apport en capital un den SIDERO;
- 125.000 € fir den Klimapakt;
- 50.000 € fir d'Astandsetzen vun der Place de l'Indépendance zu Mamer;
- 320.000 € fir d'Astandsetzen vun eisen Stroossen;
- 300.000 € fir den Bau vun engem Pavillon am Parc Brill;
- 500.000 € fir Waasser an Gas an der Kiehlenerstrooss;
- 180.000 € fir d'Astandsetzen vun der Maison 1, rue de l'Ecole zu Mamer;
- 200.000 € fir d'Astandsetzen vun der Sportshal Nic Frantz zu Mamer;
- 8.000.000 € fir de Bau vum Schoulcampus op der Cap;
- 2.975.000 € fir de Bau vun engem neien Précocegebai um Kinneksbond.
- 250.000 € fir den Ausbau vun der Kichen vun der Maison Relais zu Mamer.

Ofschléissen mécht de Budget 2015 mat engem viraussiichtlechen *Boni définitif* vun 511.846,33 €.

Gemengeschold

De Solde vun eiser Gesamtgemengeschold läit haut bei 32,40 Milliounen €. Fir 2014 hunn mir een zousätzlechen Emprunt vun 4,5 Milliounen an den rectifié ageschriwwen an am Budget 2015 en Emprunt vun 5 Milliounen. Eis Schold wäert Enn 2015 bei insgesamt 39,58 Milliounen € leien. Verrechent op déi uerdentlech Recetten beleeft sech de Remboursement vun der Gemengeschold dann op 7,58%.

Am Verglach zu dem uerdentlechen Iwwerschoss vun 8.166.648,15 € bedréit déi jährlech Scholdelaascht vun 2.411.090,39 € ronn 29,52 %. Mat deem ordinairen Iwwerschoss kënnte mir, haut, bannent 5 Joer eis Gesamtschold zeréck bezuelen.

Well eis Gemeng jo och an Zukunft wäert wuessen, sinn eis färdeggestallten an nach geplangten Infrastrukuren an di domadden verbonnen Gemengeschold gerechtfäerdegt. Well nëmmen die wäitsichteg Investitiounspolitik, déi dëse Schäfferot schonns zanter Joeren applizéiert, erméiglecht dësen gesonden Wuesstum vun eiser Gemeng.

Conclusion: Als Schäffen- a Gemengerot wäerten mir och dofir suergen, datt eis Bierger och an méi schwieregen Zäiten weiderhin an enger moderner a leeschtungsstaarker Gemeng wunnen.

Dëst erfuerdert eng permanent an opmierksam Kontroll vun eisen uerdentlechen Ausgaben, donieft d'Notzen vun allen Méiglechkeeten di et ginn, eis Einnahmen ze steigeren.

Duerch de Wuesstum vun eiser Populatioun kënnen mir och weiderhin, dank ënner anerem dem Pacte logement, an der Dotation de l'Etat, am Verhältnis zu anere Gemengen op gréisser Einnahmen vun Säiten vum Staat rechnen.

Dës erlaben eis di néideg Infrastrukture fir d'Bierger vun der Mamer Gemeng ze realiséieren.

Och de Budget 2015 soll e Budget vun der Solidaritéit sinn. Mir wäerten op jiddefall och do sinn fir all déi, déi am Laf vum Joer, opgrond vun der ekonomescher Entwécklung an eisem Land eis Hëllef wäerte brauchen. Obwuel mer duerch d'Gesetz gezwongen sinn, eis Taxen a Tariffer op Basis vun den Gestehungskäschten ze héichen, wäerten mir och am Fall wou et néideg gëtt kuerzfristeg Moossnamen huelen fir dëse Leit ënnert d'Äerm ze gräifen.

Ofschléissen wëllt ech andeems ech de Leit aus dem Gemengesekretariat an deenen aneren Servicer Merci soen fir hir kompetent Mataarbecht, déi si bei der Opstellung vun dem Finanzplang an dem Budget geleescht hunn an deen sécherlech vill Asaatz mat sech bruecht huet.

Ech sinn der Meenung, datt mir als Schäfferot all Gemengeconseillee transparent an informativ Dokumenter virgeluegt hunn, déi eng objektiv an fundéiert Diskussioun vun dem Budget erméiglechen missten. D'Diskussioun an de Vote si fir den 12. Dezember 2014 virgesinn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Point de l'ordre du jour 1-c	**Finances communales - approbation de titres de recette**

Le conseil communal, unanimement

approuve des titres de recette au montant total de 1.672.304,96 €.

Point de l'ordre du jour 2-a	**Aménagement communal et développement urbain - loi modifiée du 19/07/2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain - lotissement d'un terrain sis à Mamer, 3 route de Kehlen en deux lots (article 29)**

Le conseil communal, unanimement

approuve la demande de lotissement présentée le 04/11/2014 par Wagener & Cotza Architectes, L-8190 Kopstal, 31 rue Schmitz en obtention de l'autorisation de morceler le terrain sis à L-8235 Mamer, 3 route de Kehlen (section A de Mamer-Nord – numéro cadastral 616/3057) en deux lots en vue de leur affectation à la construction, ainsi que le plan de morcellement n° MO-01 dessiné le 08/10/2014 par Wagener & Cotza Architectes, L-8190 Kopstal, 31 rue Schmitz, échelle 1 :100, faisant partie de la demande susmentionnée.

Point de l'ordre du jour 2-b	**Aménagement communal et développement urbain - loi modifiée du 19/07/2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain - lotissement d'un terrain sis à Mamer, 16 rue des Jardins en trois lots (article 29)**

Le conseil communal, unanimement

approuve la demande de lotissement présentée le 27/10/2014 par Freches Architektur s.à r.l., L-9907 Troisvièrges, 76 rue d'Asselborn en obtention de l'autorisation de morceler le terrain sis à L-8233 Mamer, 16 rue des Jardins (section B de Mamer-Sud – numéro cadastral 448/4908) en trois lots en vue de leur affectation à la construction, ainsi que le plan de morcellement dessiné le 27/10/2014 par Freches Architektur s.à r.l., L-9907 Troisvièrges, 76 rue d'Asselborn, échelle 1 :200, faisant partie de la demande susmentionnée.

Point de l'ordre du jour 2-c	**Aménagement communal et développement urbain - loi modifiée du 19/07/2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain - lotissement d'un terrain sis à Holzem, 35 route de Capellen en trois lots (article 29)**

Le conseil communal, unanimement

approuve la demande de lotissement présentée le 19/09/2014 par Archi-Concept International s.à r.l., L-1128 Luxembourg, 16 Val Saint André en obtention de l'autorisation de morceler le terrain sis à L-8279 Holzem, 35 route de Capellen (section C de Holzem – numéro cadastral 1129/4143) en trois lots en vue de leur affectation à la construction, ainsi que le plan de morcellement dessiné le 19/09/201 par Archi-Concept International s.à r.l., L-1128 Luxembourg, 16 Val Saint André, échelle 1 :250, faisant partie de la demande susmentionnée.

Point de l'ordre du jour 3-a	Transactions immobilières -approbation d'un acte de vente avec les consorts Turbang dans l'intérêt du redressement de la route de Holzem (CR 101) à Mamer

Le conseil communal, unanimement

- approuve l'acte de vente n° 2014/2176 dressé le 27/10/2014 par devant Maître Alex Weber, notaire de résidence à Bascharage, aux termes duquel les consorts Turbang cèdent à la commune de Mamer un immeuble inscrit au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud, numéro 1561/6925, lieu-dit « route de Holzem », place voirie, avec une contenance cadastrale de 12 centiares au prix de 217,00 € ;
- prie Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures d'intervenir dans la dépense à raison de 50%.

Point de l'ordre du jour 3-b	Transactions immobilières - approbation d'un acte de vente avec les consorts Kayl dans l'intérêt de l'aménagement d'un chemin rural au lieu-dit « Bei der Dirwies » à Mamer

Le conseil communal, unanimement

approuve l'acte de vente n° 2014/2122 dressé le 17/10/2014 par devant Maître Alex Weber, notaire de résidence à Bascharage, aux termes duquel les consorts Kayl cèdent à la commune de Mamer un immeuble inscrit au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud, numéro 1397/7060, lieu-dit « Bei der Dirwies », place voirie, avec une contenance cadastrale de 50 centiares au prix de 100,00 €, ce prix ayant été payé antérieurement sous la forme de l'installation à ses frais par la commune d'une côture avec piquets en fer et Treillis Ursus sur une longueur d'environ 215m sur les terrains longeant le nouveau chemin.

Point de l'ordre du jour 4	Allocation d'un subside exceptionnel de 250,00 € à l'a.s.b.l. Île aux clowns à titre de contribution communale au don fait par le Syndicat d'Initiative et de Tourisme dans le cadre du Hobbymaart

Le conseil communal, unanimement

décide de contribuer au don fait par l'a.s.b.l. Syndicat d'Initiative et de Tourisme avec un montant de 250,00 € à l'a.s.b.l. Île aux clowns.

Point de l'ordre du jour 5-a	Service d'Incendie et de Sauvetage de la commune de Mamer - allocation d'un subside exceptionnel de 14.798,09 € au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer en vue de l'indemnisation des heures de permanence et de garde prestées en 2013

Le conseil communal, unanimement

décide d'allouer au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer, sur base d'un décompte, un subside de 14.798,09 € en vue de l'indemnisation des agents volontaires pour les heures de permanence et de garde prestées en 2013 dans l'intérêt du Service d'Incendie et de Sauvetage de Mamer.

Point de l'ordre du jour 5-b	Service d'Incendie et de Sauvetage de la commune de Mamer - allocation d'un subside de 2.400,00 € au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer pour l'indemnisation du chef de corps en 2014

Le conseil communal, unanimement

décide d'allouer au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer un subside de 2.400,00 € pour l'indemnisation du chef de corps en 2014.

Point de l'ordre du jour 5-c	**Service d'Incendie et de Sauvetage de la commune de Mamer - allocation d'un subside de 3.840,00 € au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer pour l'indemnisation des 2 chefs de corps adjoints en 2014**

Le conseil communal, unanimement

décide d'allouer au corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Mamer un subside de 3.840,00 € (2 x 1.920,00 €) € pour l'indemnisation des 2 chefs de corps adjoints en 2014.

Point de l'ordre du jour 6-a	**Antenne collective de télévision approbation d'un avenant à la convention du 03/05/1978 avec Eltrona Interdiffusion s.a.**

Le présent point est retiré de l'ordre du jour.

Point de l'ordre du jour 6-b	**Antenne collective de télévision - adaptation du tarif mensuel à 16,39 €/mois à partir du 01/01/2015**

Le présent point est retiré de l'ordre du jour.

Point de l'ordre du jour 7-a	**Classes neige à Combloux - fixation de la participation des parents à 355,00 €**
approuvé le	**Référence**

Le conseil communal, unanimement

décide de fixer la participation des parents aux classes de neige à Combloux (F) en l'an 2015 à 355,00 € par enfant.

Point de l'ordre du jour 7-b	**Classes neige à Combloux - fixation de l'indemnité du personnel enseignant à 18,00 € par journée de séjour**
approuvé le	**Référence**

Le conseil communal, unanimement

décide de fixer l'indemnité pour chaque membre du personnel enseignant accompagnant à 18,00 € par journée de séjour.